Lëtzebuerger Guiden a Scouten



## Reegele fir Guiden- a Scoutsaktivitéiten am Kontext vun der Covid-19 Pandemie

*Dës Reegele gëlle fir all d'Aktivitéiten déi* ***nom 11. Februar 2022*** *organiséiert ginn.*

| **Aktivitéiten OUNI Iwwernuechtung**<br>(Versammlung, Sortie, Grupperot, …) | | < 12 Joer [1] | > 12 Joer [1] |
|---|---|---|---|
| dobaussen | | Masken an Distanz sinn net obligatoresch | |
| dobannen | bis 10 Participanten | CovidCheck net obligatoresch<br>Mask recommandéiert wa kee CovidCheck | |
| | méi wéi 10 Participanten | keng Restriktiounen | CovidCheck [2] mat 3G :<br>✓ Geimpft [3]<br>✓ Geheelt [4]<br>✓ Getest [5] |

| **Aktivitéite MAT Iwwernuechtung**<br>(Weekend, Camp) | < 12 Joer [1] | > 12 Joer [1] |
|---|---|---|
| CovidCheck [2] obligatoresch<br>plus sanitärt Konzept [6] | keng Restriktiounen | 3G Reegel :<br>✓ Geimpft [3]<br>✓ Geheelt [4]<br>✓ Getest [5] |

| **Aktivitéiten am AUSLAND**<br>(Sortie, Weekend, Camp) |
|---|
| D'Reegelen, déi am jeeweilege Land gëllen, mussen agehale ginn. |

| **Aktivitéite mat méi wéi 2.000 Leit** |
|---|
| Sinn am Prinzip net erlaabt, brauchen e speziellt sanitärt Konzept, dat vun der Direktioun vun der Santé muss ugeholl ginn. |

Legend vun den Exponenten op der nächster Säit.

**Lëtzebuerger Guiden a Scouten**
5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Lëtzebuerg
**+352 26 94 84 | covid@lgs.lu | lgs.lu**



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

1) An der Praxis : 12 Joer plus 2 Méint.

2) All Evenement, dat ënnert dem CovidCheck-Regime leeft, muss am Viraus bei der Direktioun vun der Santé ugemellt ginn (https://covid19.public.lu/fr/covidcheck/regime.html).

   Den Organisateur ass dofir responsabel, ze kontrolléieren dass all Participant e gëltege Certificat - entspriechend de jeeweilege Reegelen - huet (Kontroll mat der CovidCheck App).

   De CovidCheck-Certificat muss wärend der ganzer Dauer vun der Aktivitéit gëlteg sinn. Falls de Certificat am Laf vun der Aktivitéit ofleeft, muss de betraffene Participant d'Aktivitéit verloossen oder en zertifiéierte Schnelltest oder eng PCR maachen.

3) Vollstänneg geimpft (2 Dosen Impfstoff vu Pfizer/Biontech, Moderna, AstraZeneca oder 14 Deeg no 1 Dosis Impfstoff vun Johnson&Johnson).

4) De Certificat als „Geheelt" ass tëschent dem 11. an dem 180. Dag no der positiver PCR gëlteg.

5) Zertifiéierte Schnelltest, deen net méi wéi 24 Stonnen al ass oder PCR, déi net méi wéi 48 Stonnen al ass. Wann d'Gëltegkeet vun esou engem Test wärend der Aktivitéit ofleeft, muss de betraffene Participant d'Aktivitéit verloossen oder en neien zertifiéierte Schnelltest oder eng PCR maachen.

6) Fir am Fall vun engem positive Fall den „Tracing" ze vereinfachen, muss fir all Weekend a Camp obligatoresch e „sanitärt Konzept" ausgeschafft ginn. Heizou gehéieren, ënner anerem, folgend Punkten:
   - Wéivill Participanten huelen um WE oder Camp deel a wéi sinn dës a Gruppen agedeelt ?
   - Wie schléift am selwechten Dortoire oder Zelt ?
   - Wien ësst um selwechten Dësch ?

**Bei Onkloerheeten oder Froen : covid@lgs.lu kontaktéieren**

*Auteuren : Dr David Heck, Metti Schmit, Angélique Krier, Marc Weis*

*Quellen : Covid-19 – Consignes applicables à partir du 11/02/2022 dans le contexte de l'animation socio-éducative du secteur de l'éducation non-formelle – Direction générale du secteur de la Jeunesse*



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG